



Allgemeng Participatiouns Bedingungen

1. Geltungsberäich

Dës Allgemeng Participatiouns Bedingungen (APB) gëlle fir all Event mat obligatorescher Umeldung, wou den Umeldungsprozess iwwert d' Lëtzebuenger Studenten Zürich asbl (LSZ) leeft, ausser explizitt anescht uginnt.

Den Zürcher Bal, organiséiert vum LSZ, fällt explizitt net ënnert dës Konditiounen

Ënnert dës Konditiounen fällt all Persoun déi d'APB während senger Umeldung akzeptéiert.

2. Umeldung

All Event dat ënnert d'Konditiounen vun den APB fält, gëtt virun der Umeldungsperiod per Mail an iwwert déi intern Whatsapp-Grupp vum LSZ annoncéiert a presentéiert. An dësen Informatiounen steet och de Start vun den Umeldungen, a wann disponibel, och de finalen Umeldungspräis. D'Umeldung fënnt exklusiv iwwert den Internetsite vum LSZ, lsz.lu, statt. Bei verschiddenen Eventer gëtt och en obligatoreschen Benotzerkonto virausgesat.

No enger erfollegräicher Transmissioun vun den Donnéeën, kritt de Benotzer eng automatesch Email vum System. Dono gëtt no folgendem Prioritéitsprinzip decidéiert op d'Umeldung validéiert oder op d'Waardelëscht gesat gëtt.

Kategorie 1:

Prioritéiten:

1. Comitésmembere vum LSZ (inclus Coopté(e)s)
2. Aktiv Memberen (voir Statute vum LSZ) déi um Zürcher Bal den Owend selwer 3 Schichten geschafft hunn
3. Aktiv Memberen (voir Statute vum LSZ)
4. Passiv Memberen (voir Statute vum LSZ)
5. Externer

Innerhalb vun all Subdivisioun vun der Kategorie 1, gëtt als éischt no der Unzuel u geschaffte Schichten um Zürcher Bal prioriséiert an duerno gëllt de System „first come-first served“.



NB: Als Zürcher Bal gëtt de leschte vum LSZ organiséierten Zürcher Bal consideréiert.

Kategorie 2:

Ausser explizitt anescht ugin, gëllt de System „first come-first served“. Zweek Comitésmemberen (inclus Coopté(e)s), déi sech ugemellt hunn, kréien eng garantéiert Plaz a si vum „first come-first served“ System exemptéiert. (De Comité léisst sech de Choix ween déi 2 Membere sinn)

All Event dat finanziell vum LSZ ënnerstëtzt gëtt fält ënnert Kategorie 1 vum Prioritéitsprinzip, ausser explizitt anescht ugin. All Event, dat dës Konditioun net erfëllt, fält ënnert Kategorie 2.

An engem raisonnablen Delai nom Schluss vun der Umeldungsphas (Zäitraum tëscht Start an Schluss vun der Umeldung, am viraus kommunizéiert), ginn d'Umeldunge sortéiert an all Persoun informéiert op hier Umeldung validéiert oder op d'Waardelëscht gesat ginn ass.

Umeldungen, déi no der Umeldungsphas dem Comité (per Email u comite@lsz.lu) oder den Organisateur vum Event matgedeelt ginn, ginn automatesch hannen un d'Waardelëscht gesat. An deem Fall gëllt den uewegenannte Prioritéitsprinzip net.

3. Ofmeldung

Ofmeldungen ouni Zousazkäschen si grondsätzlech nëmme während der Umeldungsphas méiglech, also bis zum Schluss vun den Umeldungen um Internetsite. Ass dëst net de Fall, muss d'Persoun déi sech ugemellt huet all verursaacht Fixkäschen droen, déi bis zum Zäitpunkt vum Eventufank ugefall sinn. Dëst kann dobäi awer net d'Participatiounskäschen (sou wéi während der Umeldung op der Websäit annoncéiert) iwwerschreiden.

Ausname vun dëser Reegelung sinn:

1. Force Majeure (am Fall wou et onméiglech, illegal, oder gesondheetsschiedlech wier um Event deelzehuelen)
2. Et ginn nach Umeldungen op der Waardelëscht déi (no Confirmatioun) d'Plaz iwwerhuelen
3. Et gëtt eng aner Persoun fonnt déi d'Plaz iwwerhuelen kann (no Ofsprooch mat den Organisateuren)

Grondsätzlech muss all Ofmeldung esou séier wéi méiglech dem Comité per Mail (comite@lsz.lu) oder der Organisatioun vum Event schrëftlech matgedeelt ginn.



4. Bezuelung

No erfollegräicher Validatioun vun der Umeldung müssen d'Käschten, (falls net anescht präziséiert) déi bei der Validatioun stoungen, zäitno beglach ginn. Dëst ka per Iwwerweisung op de Konto vum LSZ (präziséiert an der Validatioun) oder Bor bei der Organisatioun oder der Tresorerie gemaach ginn. Dës Käschte mussen spëtstens virum Start vum Event beglach sinn.

5. Hausrecht

Fir all Event dat ënnert dës APB fällt gëllt d'Hausrecht vum LSZ. Et gëtt sech vum Comité oder der Organisatioun d'Recht virbehalen, Persounen bei falscher Angab vun Donnéeën oder net-Befollege vun Instruktiounen vum Event ze verweisen, ouni Recht op Remboursement vun den Umeldungskäschten.